



huet, wéilt ech haut am Numm vun der CSV-Fraktioun e puer Wuert iwwert d'Problemer verléieren, déi dëse Wuesstum notament am Beräich vum Wunnengsmaat a Wunnengsbau mat sech bréngt.

Et gëtt ëmmer méi däitlech, datt dës Regierung null Strategie huet, kee Kapp, deen dat Ganzt ze steiere weess. All Ministère gëtt sech einfach selwer iwwerlooss a jiddweree wurschtelt fir sech a sengem eegenen Eck.

(Interruption et hilarité)

Dës Majoritéit ... Jo! Jo!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Lies, loosst Iech net duerjereebréngen! Dir hutt d'Wuert, an Dir eleng.

► **M. Marc Lies** (CSV).- Voilà! Dës Majoritéit verdeckt d'Aen an hält d'Oueren zou a schalt einfach op Autopilot.

Wou bleiwen d'Strategië ronderëm de Logementproblem? Huet Gambia 1 net viru sechs Joer vollmundeg dekretéiert, de Wunnengsbau wier eng absolutt Prioritéit? D'Madamm Nagel an den Här Bettel hu viru sechs Joer vum Bau vun 10.000 Wunnenge geschwat, datt dës schnellstméiglech solle gebaut ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- ... zur Chefsaach erkläert!

► **Plusieurs voix**.- Jo!

► **M. Marc Lies** (CSV).- A wien huet deklaréiert, 10.000 Wunnenge géife schnellstméiglech gebaut ginn? Wou si se dann? Wou sinn déi 10.000 Wunnengen?

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Wa se deemools gebaut gi wären, da wäre se do.

► **M. Marc Lies** (CSV).- Den Här Bettel huet deklaréiert viru sechs Joer, datt 10.000 Wunnenge gebaut ginn. Wou si se?

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Mir hu wéinstens zouginn, datt mir e Problem hätten. Dir hutt dat bis haut nach net zouginn, datt Dir de Problem net an de Grëff kritt hutt.

(Brouhaha)

► **M. Marc Lies** (CSV).- Kee Wuert vum Premier iwwert déi dramatesch Situatioun vu viru genau enger Woch virum Siège vun der SNHBM.

Wat ass aus dëser Prioritéit gi ronderëm de Wunnengsbau? D'Wunnengsbaupräisser sinn nach ni esou séier an d'Luucht gaange wéi iwwert déi lescht Joren: 11,4 % bei der Vente vun den Appartementen op ee Joer gesinn.

D'Präisser um Locatiounsmaat bei den Appartementen sinn zanter dem zweeten Trimester 2017 vun 19,8 Euro de Meterkaree an der Moyenne ëm méi wéi 6 Euro op 26,03 Euro de Meterkaree d'zweet Trimester vun dësem Joer an d'Luucht gaangen.

Vun dëser Präishausse wollt dës Regierung laang näischt wëssen. Vun Transparenz keng Spur! Nëmme well d'CSV-Fraktioun am Juni dëst op den Ordre du jour vun der zoustänneger Chamberskommissioun setze gelooss huet, huet de LISER och Informatiounen iwwert dës dramatesch Präissteigerung ginn. Wat de Locatiounsmaat ugeet, si keng historesch Statistike méi ze fannen, well de Site vum LISER iwwert den Habitat durable ënner „reconstruction“ steet. Ass dat normal?

Sollten d'Fënsteren net grouss operappt ginn? A sollt net fir méi Transparenz gesuergt sinn? Sechs Joer duerno ass absolutt guer keng Spur méi vun Transparenz ze erkennen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Eist Land wüsst an de leschte Joren ëm 10.000 bis 13.000 Awunner pro Joer. Bei den Aarbechtsplazen ass et äänlech. An Zäite vun esou engem Hyperwuesstum mussen och pragmatesch Léisunge fonnt ginn. Neen, dëst wéilt dës Majoritéit net.

Amplaz datt dës Majoritéit dohinnergeet a fir d'Éischt emol fir déi nächst Joren antizipéiert an d'Infrastrukturen an de Wunnengsbau op Vordermann bréngt, gëtt de Wuesstum nach virun ugeféiert mat neien Ureizer, neie Kaddoen, déi monter verdeelt ginn. Dëst suert fir zousätzlechen Drock an alle Beräicher vun eiser Gesellschaft.

Lauschtert de Leit no an eisen Dierfer, an eise Quartieren, déi sech net méi wuelfillen, sech vun der Politik komplett am Stach gelooss fillen, well hir Liewensqualitéit beanträchtegt gëtt duerch ze vill Chantieren, duerch ze vill Verkéier, an ech kéint nach weiderfueren!

Et ass eng Hyperwuesstumsspiral, déi anscheinend vun dëser Majoritéit gewollt ass. Huet de gréngen Deputéierten Henri Kox net viru véier Joer bei der Presentatioun vum Budget vun 2016 vun engem 1,2-Milliounen-Awunnerstat geschwat?

Den zoustänneger Minister vum Aménagement du territoire, de François Bausch, ass sengem Parteikolleg duerno ganz schnell zur Säit gesprongen an huet dës Zuele relativéiert respektiv erofgesat, well hie genau weess, datt dëst vusäite vun den Infrastrukturen iwwerhaupt net émsetzbar ass.

Viru e puer Deeg mengt d'Madamm Cahen awer nach, en Eemilliounenawunnerstat wär bis 2060 keng Fatalitéit.

Dir Dammen an Dir Hären, jo, mir sollen oppassen, datt eis 2.586 Meterkaree Landfläch net komplett zoubetonéiert gëtt.

► **Une voix**.- Quadratkilometer!

► **M. Marc Lies** (CSV).- Quadratkilometer, richtig!

Haut sinn nach 85 % vun der ganzer Landfläch mat Bësch oder Gréngfläch bedeckt. Déi gréng Long vun eise Ländche soll erhale bleiwen. Jo, mir müssen op Plaze verdichten, wou d'Ubannung un den öffentliche Transport gutt ass a wou sech d'Liewen ofspilt. Jo! Mir sinn eis hei awer net konsequent.

Dës Regierung an zemools déi gréng si sech net konsequent. Op där enger Säit gëtt en Hyperwuesstum dekretéiert an op där anerer Säit gëtt awer net dat gemaach, wat muss gemaach ginn, fir dësem Wuesstum och Rechnung ze droen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif Iech kuerz bidden dann effektiv, datt ech dierft d'Kap vum Lokalpolitiker undoen - domat ass an deene leschte Joren och Wochen net ëmmer jiddwereen heibannen d'accord gewiescht -, fir och déi Experienzen, déi um Lokalen dann iwwert déi lescht Jore vu menger Säit aus gemaach gi sinn, hei mat era kënnen ze bréngen.

An deene leschte Jore goufen an där Gemeng, déi ech besser kennen, eng ganz Partie Mesuren entaméiert, wat de sozialen oder subventionéierte Wunnengsbau ugeet. Et gouf vusäite vun der Gemeng ee PAP initiéiert, wou mat 40 verschiddene Propriétaires ee PAP iwwer eelef Hektar zesummen ëmgësat ginn ass, wou eng 400 Wunnengen dann haut kënnen gebaut ginn, 100 dovun ginn der eleng ënner de Kritäre vun deem sozialen oder subventionéierten ëmgësat.

An der leschter Woch war eng Presentatioun, genau op dem Dag vun haut, wou 21 Appartementen an 20 Haiser presentéiert gi si fir d'Vente ënner de Kritäre vum Bail emphytéotique op 99 Joer an och mat engem Virkafrecht op 99 Joer. Et wore 450 Leit an deem Sall, 450 Leit, déi effektiv erwaardungsvoll an dës Reunion komm sinn, fir dann effektiv herno déi Formulair vum der SNHBM ze kréien, fir dann eng vun deenen 41 Wunnenge kënnen ze erlaangen.

Zum Schluss vun der Reunion, do ass een Drëttel vun alleguerten deene Leit mat grouser Erwaardungshaltung carrement op d'Bün gestiermt, fir déi Formulieren ze kréien, fir déi Éischt ze sinn, déi effektiv beim Siège vun der SNHBM da konnte sinn, fir d'Demande eranzeerechen.

Während dëser Reunion wore schonn eng 20 Leit, déi sech beim Siège afonnt hunn. Bis owes zwielef Auer hu 50 Leit virum Siège vun der SNHBM campéiert. An ech weess, wat sech do ofgespillt huet, well ech genuch Leit vun deene kennen, déi och an där Reunion derbäi waren an déi bei eis an der Gemeng wunnen. Et ass ganz ziviliséiert ofgaangen.

Mä ass dat normal fir ee Land wéi Lëtzebuerg, datt effektiv iwwer honnert Leit an enger Nuecht musse campéieren, fir sech kënnen eng Wunneng ze leeschten?

Dat si keng Leit, déi effektiv um sozialen Hongerdurch nagen. Et si Leit aus der Gesellschaft, aus der Mëttschicht, déi sech effektiv do presentéiert hunn an effektiv gekuckt hunn, fir mueres hiren Dossier eranzeerechen. Bis mueres néng Auer waren 130 Dossieren erageereecht fir 41 Wunnengen. Ech mengen, dat sollt ee sech eng Kéier virun Ae féieren!

An dann ass et den Här Bettel, dee virun enger Zäitche gesot huet: „Et ass dem Land nach ni esou gutt gaange wéi haut.“ Da soll een och kucken, datt een effektiv deene Leit weiderhëlleft, datt si och zu hirem kommen, wat se effektiv gären hätten: een Daach iwwert dem Kapp!

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Marc Lies** (CSV).- Ass et normal, datt jonk Familien, datt jonk Leit mat Kanner an der Reij stoe mussen, fir genau dës Wunnengen ze kréien? Ass dat normal? Ass et normal, datt verschidde Regierungsmemberen den Noutstand beim Wunnengsbau nach ëmmer net erkannt hunn?

Firwat behënnert eng gréng Ëmweltministesch, wann et drëm geet, d'Erweiderung vum Perimeter ze maachen, wou Gemenge viru Joren

Terrainen opkaaft hunn, do vu 76 % Propriétaire sinn, a probéieren, an deenen nächste Jore genau dat nach eng Kéier virunzeféieren?

Et ass ee Courier de 15. Juli un d'Madamm Dieschbourg, d'Madamm Tanson an och un d'Madamm Bofferding gaangen. De 15. Juli! Bis haut keng Äntwert!

Sinn dat d'Prioritéit vun dëser Regierung? Ech kéint nach weiderfuere mat anere Courrieren. Ee vum 20. Juni och un den Ëmweltminister, wou et ëm déi duuss Mobilitéit geet vu Projeten: Bis haut keng Äntwert!

Dir Dammen an Dir Hären, de Wunnengsbau beschäftigt zurzäit déi ganz Natioun. An de leschte Méint ass eng Hiobsbotschaft no där anerer komm, wat d'Präisentwécklung ugeet an awer besonnesch wat den Aarmutsrisiko ugeet, dee méi a méi duerch déi héich Wunnengspräisser provoziert gëtt.

Am September 2016, viru geschloenen dräi Joer, huet eist Land eng „warning“ iwwer ee systemesche Risk am Beräich vum Immobilie-maat vun der EU kritt. Dës „warning“ gëtt zanter Joren op déi laang Bänk gedréckt. Lëtzebuerg muss hei reagéieren. A gleeft mir, da gëtt et an deenen nächste Joren effektiv nach vill méi dramatesch fir jonk Menagen, fir iwwerhaapt zu engem Eegenheim ze kommen, wann dës Mesur bis ëmgësat sinn!

Datt dëser Regierung dëst an och aner Saachen net gefalen, hunn ech virdru scho gesot, andeems datt dës explosiounsarteg Präisser mangelhaft kommunizéiert ginn an andeems datt dës Statistike verklausuléiert publizéiert ginn. Geschweige denn, datt de Stat am Beräich vum Bau vu soziale Mietwunnenge méi a méi an de Favoritismus iwwergeet!

Datt de Wunnengsbau keng einfach Saach ass an datt een d'Problemer net vun haut op muer aus der Welt geschafe kritt, dierft eis alleguer bewosst sinn an dat huet och ni ee Mënsch a Fro gestallt. Eist Land wüsst extrem séier. Am Grand-Duché missten all Joer ronn 6.000 nei Wunnenge gebaut ginn opgrond vun eise järeleche Populatiounswuesstum. Datt dës 6.000 Wunnengen net gebaut ginn, wësse mir och alleguer heibannen.

U wat läit et, datt mer mam Bau net nokommen? Éischtens sécherlech dorun, datt mir eis extrem schwéier di mat de Prozeduren. Bis datt haut en neit Lotissement duerch d'Prozedur ass, vergi gutt a gär zéng Joer, a ville Fäll geet et domat net duer. Beschweierlech kënnt derbäi, datt d'Prozeduren och ëmmer nees ëmgeännert ginn. Datt am Perimeter och nach musse Kompensatiounen gemaach ginn opgrond vum neien Naturschutzgesetz, hëlleft der Saach definitiv net weider. Amplaz Pragmatismus walten ze loossen, mécht dee vun der Madamm Dieschbourg gefouerten Ëmweltministerium ëmmer nees e Stréch duerch d'Rechnung vun de Gemengen oder déi vun de Lotisseuren.

(Brouhaha)

Esou komme mir an dësem Land definitiv net weider an d'Präisser gi monter weider an d'Luucht: 10.000 Euro de Meterkaree bei engem Neibau ...

(Interruption par la présidence)

... sinn haut an der Stad a ronderëm d'Stad keng Seltenheet méi. Wéi soll an Zukunft nach een dat kënnen bezuelen? Bleiwen hei net eng ganz Rëtsch vu jonke Leit a sozial méi schwache Leit op der Streck? Kafe gëtt ze deier a vill Leit kënnen sech en Eegenheim net méi leeschten.

Well d'Wunne méi a méi zu engem Luxus gëtt a sech geschwé kee méi eng Wunneng leeschte kann an d'Präisser an de leschte Joren exponentiell an d'Luucht gaange sinn, reechen ech dës Motioun eran, fir de Fräibetrag bei der TVA vu 50.000 Euro op 100.000 Euro an d'Luucht ze setzen.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- constatant que l'augmentation de la TVA en 2015 de 15 % à 17 % a eu un impact en termes de coûts sur les constructions destinées à l'habitation principale ;

- constatant que le coût supplémentaire à supporter au niveau des constructions destinées à l'habitation principale résulte du fait que la faveur fiscale en matière de TVA est plafonnée à 50.000 € ;

- constatant qu'avec la hausse du taux de TVA de 15 % à 17 % le montant des constructions pouvant bénéficier de la faveur fiscale a diminué de 416.667 € à 357.143 € ;

- constatant que le Gouvernement n'a pas adapté le montant maximum de l'avantage fiscal suite à l'augmentation de la TVA, qui reste fixé à 50.000 €, et que cette non-adaptation se traduit en des dépenses supplémentaires pour les propriétaires concernés ;

- rappelant que, pour les années 2009 à 2012, le plafond était fixé à 60.000 € ;

- constatant que cette décision a entre autres pénalisé les jeunes respectivement les jeunes familles désirant acquérir des constructions leur servant de résidence principale ;

- constatant que le coût du logement a considérablement augmenté au cours des dernières années et ne cesse de croître ;

- constatant in fine qu'entre le 1^{er} trimestre 2010 et le 1^{er} trimestre 2019, la hausse cumulée du prix de vente des logements atteint plus de 40 % et que les prix des terrains à bâtir ont augmenté d'environ 6,1 % en moyenne par an,

invite le Gouvernement

- à porter la limite de la TVA remboursable par logement créé ou rénové de 50.000 € à 100.000 € afin de soulager considérablement les acquéreurs potentiels d'un logement et notamment afin de favoriser en première ligne l'accès des jeunes ménages à leur premier logement ;

- à modifier l'article 1^{er} du règlement grand-ducal du 21 décembre 2012 modifiant le règlement grand-ducal modifié du 30 juillet 2002 concernant l'application de la taxe sur la valeur ajoutée à l'affectation d'un logement à des fins d'habitation principale et aux travaux de création et de rénovation effectués dans l'intérêt de logements affectés à des fins d'habitation principale et fixant les conditions et modalités d'exécution y relatives en remplaçant les termes « cinquante mille euros » par ceux de « cent mille euros ».

(s.) Marc Lies, Emile Eicher, Félix Eischen, Aly Kaes, Octavie Modert.

7. Dépôt de trois propositions de loi par M. Marc Lies

Am selwechte Kontext reechen ech eng Proposition de loi eran, fir de Crédit d'impôt vun 20.000 Euro op 50.000 Euro an d'Luucht ze setzen.

7484 - Proposition de loi

modifiant la loi du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation, et portant modification :

1. de la loi modifiée du 29 mai 1906 sur les habitations à bon marché ;

2. de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs ;

3. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

4. de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

5. de la loi modifiée du 6 décembre 1990 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV).- D'Locatiounspräisser lafen aus dem Rudder. Mat enger exorbitanter Steigerung vun der Locatioun an de vergaangenen zwee Joer ka sech d'Regierung dës Hausse zu engem gudden Deel op den eegene Fändel schreiven, dëst opgrond vun der Upassung vun der TVA vun 3 % op 17 % bei Zweetwunnengen.

Well geschwënn déi jonk an och déi sozial méi schwach Leit sech eng Wunneng net méi leeschte kënnen, souwuel wat d'Acquisitioun wéi d'Locatioun ugeet, wéilt ech am Numm vun der CSV-Fraktioun dës Proposition de loi iwwert den Optionskaf eranzeeren, wou besonnesch jonke Leit op der Sich no enger Wunneng - am Ufank zur Locatioun, duerno zum Verkauf - soll gehollef ginn.

Fir eng Kéier a kuerz Wierder ze explizéieren, ëm wat et geet: Locatiounskaf (veuillez lire : Den Optionskaf) ass deen, datt sech jonk Menagen, nodeems datt se effektiv vun der Schoul kommen, oder och aner Menagé während fënnf Joer eng Wunneng uloune ginn, dat zu engem Loyerspräis vu maximal zéng Euro de Meterkaree. Innerhalb vun deenen zéng Euro de Meterkaree gëtt nach ee Véierel dovunner op e Spuerkont gesat, fir datt no deene fënnf Joer, wa se bei e Banquier ginn, fir sech déi Wunneng - déiselwecht Wunneng - kënnen ze kafen, och déi Suen dann ugespuert sinn, fir effektiv als Cashgarantie kënnen bei enger Bank hannerluecht ze ginn.

De Verkauf soll herno bei ëm 3.000 Euro de Meterkaree leien. Dëse Kontrakt soll zum Ufank



Le saviez-vous ?

ADMINISTRATION PARLEMENTAIRE

L'administration de la Chambre des Députés se compose du Secrétaire général, des Secrétaires généraux adjoints ainsi que des fonctionnaires et employés de la Chambre. Le Secrétaire général, qui est le chef de l'administration parlementaire, est élu par la Chambre alors que les deux Secrétaires généraux adjoints qui l'assistent dans l'accomplissement de ses missions sont nommés par le Bureau. L'administration parlementaire comprend actuellement quelque 100 agents.

vun dem Optiounskaf definéiert ginn. An natierlech geet dat Ganzt iwwer Bail emphytéotique op 29 Joer (veuillez lire : 99 Joer) mat engem Virkafsrecht vun 99 Joer.

► **Une voix.**- Très bien !

7485 - Proposition de loi

1. modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

2. modifiant la loi du 24 avril 2017 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Fonds du logement »

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV).- An darselwechter Proposition de loi, vu datt et massiv u soziale Mietwunnenge feelt a fir datt dës Wunnenge fir ëmmer am Notze vun der Allgemengheet solle bleiwen, proposéiert d'CSV, fir de Subsid bei de Gemenge vu 25 % op 90 % (veuillez lire : vu 75 % op 90 %) a bei de Promoteurs publics vu 70 % op 80 % beim Bau an d'Luucht ze setzen, mat der Konditioun, datt dës Wunnengen ni méi däerfe verkaf ginn an datt de Loyer iwwert de Règlement grand-ducal vun 1988 (veuillez lire : vun 1998) applizéiert soll ginn.

Den Aarmutsrisiko geet dramatesch an d'Luucht. Déi lescht Statistike ginn awer just bis d'Joer 2017 zrëck. Wann an de kommende Joren d'Analys vun de Joren 2018 an 2019 gemaach gëtt, ech mengen, da ginn eis allegueren d'Dronkenellen aus. Den Aarmutsrisiko an der ganzer Populatioun ass dramatesch an d'Luucht gaangen. Bei de monoparentale Menagé läit de Risiko, nodeems datt d'Chargen ofgaange sinn, bei 66 %.

Rifft dëst keng Regierung, rifft dëst keng Sozialistesche Aarbechterpartei, rifft dëst kee Premierminister op de Plang? Et schéngt net esou!

Dir Dammen an Dir Hären, kuckt Iech eng Kéier d'Statistike vun den Offices sociaux un! Den Haaptproblem ass, fir abordabele Wunnraum ze fannen. D'Gesetz ronderëm d'Offices sociaux muss reforméiert ginn, an déijéineg Offices sociaux, déi Wunnenge vermëttelen, ob dat iwwert d'AIS oder sozial Mietwunnenge vun de jeeweilege Gemengen de Fall ass, mussen méi Ressourcë kréien, fir en adequate Suivi social a financier mat dëse Menagé kënnen ze maachen.

Ech maachen en Appell un déi zoustänneg Ministeren: Macht d'Aen op an handelt, ier et ze spéit ass an eng ganz Schicht vu Leit definitiv net méi iwwert d'Ronne kënn! Dëst wor och en Appell vum Fraktiounschef vun der Sozialistescher Partei.

Et muss méi Offer op de Wunnengsmaat kommen, dëst souwuel am private wéi besonnesch awer och am ëffentleche Wunnengsbau. Eist Land brauch eng Strategie, wéi dat ze maachen ass. Mir brauchen Tatendrang, kee Geplänkels, an dëst vun alle Regierungsparteien!

An deene leschte Méint gouf ëmmer vu Regierungssäit gesot: „Mir hunn nach 2.800 Hektar am Perimeter, déi kënne verbaut ginn.“ Dat ass richtig a stellt och kee Mënsch a Fro. Wéi dës 2.800 Hektar awer solle viabiliséiert ginn, dorop huet keen eng Äntwert.

D'Applikatioun vum Quart-taux op der Plus-value huet sécher eng gewëssen Inzidenz, fir Terrainen ze bebauen, mat sech bruecht. Aus dësem Grond rechen ech eng Proposition de loi eran, fir de Quart-taux op der Plus-value nees vun 2020 bis 2022 anzeféieren.

7486 - Proposition de loi portant modification d'une disposition en matière d'impôts directs

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV).- Ëm 80 % vun de Proprietairë vun den 2.800 Hektar si Personnes physiques; et sollt een et nach eng Kéier mam Zockerbrout probéieren. Et mussen sech awer och aner Gedanke gemaach ginn iwwer eng eventuell Mise à disposition vun dësen Terrainen. Déi momentan Situatioun op de Finanzmäert incitéiert d'Leit bestëmmt net, fir vum Foncier an de Cash ze goen. Den ëffentleche Promoteur, de Stat oder d'Gemengen, hu just e Brochdeel vun dësen 2.800 Hektar, wat e Riseproblem ass, fir an Zukunft iwwerhaupt nach abordabele Wunnraum ze schafen. Frot déi ëffentlech Promoteuren!

8. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

Débat (suite)

Heimat rechen ech eng aner Motioun eran, fir d'Regierung opzefuerderen, eng Spekulationssteuer op onbebauten Terrainen an op eidel stoende Wunnengen anzeféieren. Ausgeschloss vun dëser Steuer sollt de Besëtztum am Fall vum Eegenotzen am direkte Grad sinn an am Fall vum gewerblechen Notzen.

Motion 5

La Chambre des Députés,

- constatant le manque de logements disponibles et l'évolution rapide des prix sur le marché du logement ;

- constatant que les communes ont la possibilité de percevoir une taxe d'innoculation sur les immeubles bâtis destinés au logement qui ne sont pas occupés pendant une période de 18 mois consécutifs, ainsi qu'une taxe de non-affectation à la construction sur les terrains à bâtir qui sont depuis trois ans susceptibles de faire l'objet d'une autorisation de construire et pour lesquels les travaux de construction n'ont toujours pas débuté ;

- constatant que seulement huit communes (Bekkerich, Bettendorf, Diekirch, Esch-sur-Alzette, Esch-sur-Sûre, Redange/Attert, Roeser, Winseler) ont introduit une taxe d'innoculation et deux communes une taxe de non-affectation à la construction (Esch-sur-Alzette, Roeser) ;

- constatant que les communes ont le droit d'introduire un impôt foncier sur les immeubles bâtis et non bâtis ainsi que les terrains à bâtir à des fins d'habitation (impôt foncier B5 et B6) ;

- constatant que pour l'année d'imposition 2019, 78 communes ont introduit l'impôt foncier B6 « terrains à bâtir à des fins d'habitation » ;

- prenant acte que le taux multiplicateur B6 varie entre 235 € et 1.500 € ;

- constatant une grande réticence au niveau communal à appliquer concrètement la taxe d'innoculation respectivement de non-affectation ;

- estimant que le montant du taux multiplicateur est très bas, de sorte que l'impact fiscal pour les propriétaires reste limité ;

- estimant que les taxes communales existantes s'avèrent insuffisantes pour lutter contre la spéculation ;

- concluant que les logements et terrains longtemps inoccupés pour des raisons de spéculation devraient être taxés de manière plus élevée via une taxe nationale,

invite le Gouvernement

- à présenter une taxe nationale afin de lutter contre la spéculation sur les biens immobiliers inoccupés et les terrains à bâtir non utilisés ;

- à veiller que cette taxe ne soit pas due en cas de volonté prouvée du propriétaire de conserver l'immeuble en question pour sa descendance ;

- à veiller que cette taxe ne frappe pas les immeubles destinés exclusivement à un usage commercial, artisanal, agricole, industriel ou libéral ;

- à reformer l'impôt foncier afin de lutter contre la spéculation.

(s.) Marc Lies, Emile Eicher, Félix Eischen, Aly Kaes, Octavie Modert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci.

9. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Lies

► **M. Marc Lies** (CSV).- De Promoteur public huet sécherlech nach Aarbecht iwwert déi nächst Jore fir déi Terrainen, déi eng SNHBM an de Fonds du logement am Besëtzt hunn. Den Opkaf vun Terrainen am Perimeter gëtt einfach ze deier, fir nach kënnen abordabel Wunnengen ze bauen. Mir müssen haut awer schonn drun denken, wat an 10 oder 15 Joer ass. Wann d'Jalonen haut falsch gesat ginn, dann hëlleft eis dat an Zukunft definitiv net weider, just au contraire!

Den ëffentleche Promoteur oder de Stat muss haut schonn Terrainen opkaf goe fir d'Baue vu muer. De Perimeter muss haut opgemaach gi fir de Wunnengsbau vu muer. Wann ech de Fraktiounschef vun de Sozialisten de Moie richteg verstanen hunn, da fuerdert och déi Sozialistesche Aarbechterpartei datselwecht.

Et mussen Parametere gesat ginn, datt de Landbesëtzer an d'ëffentlech Hand vun enger Emklasséierung an de Perimeter profitéieren. Et muss eng Win-win-Situatioun geschafe ginn, wou de Propriétaire ee gudden Deal vu sengem Besëtzt um fräie Maart veräussere kann, an deen aneren Deal, ob dat 20 %, 30 % oder 40 % sinn, soll dann am Sënn vun der Solidaritéit un de Stat, d'Gemeng oder en ëffentleche Promoteur verkaf ginn.

Mat Landbesëtzer mengen ech och de Bauer. Hie muss virun d'Méiglechkeet hunn oder weider kréien, fir adequat Flächen zur Bewirtschaftung vu sengem Betrib ze behalen. Dëst ka bei spillswies iwwer en Tosch vu Fläche gemaach ginn.

Fir datt och de Promoteur public mam Fonds du logement méi schnell un Terrainen ka kommen, andeems de Verkeefer net op der Plus-value besteiert gëtt, rechen ech eng nächst Proposition de loi eran.

7487 - Proposition de loi modifiant la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci.

10. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

Débat (suite)

► **M. Marc Lies** (CSV).- Fir der Demande un abordabelem Wunnraum nozekommen, brauche mir méi Akteuren um Immobiliemaart, esou wéi d'CSV et zanter Jore fuerdert, eng zousätzlech Struktur, déi Terrainen opkaf geet, de Gemenge bei der Viabilisatioun vun Terrainen hëlleft an duerno och d'Gestioun vu soziale Mietwunnenge mécht.

D'Gemenge mussen méi Efforte maachen, wat jo vun der nationaler Politik och gefuerdert gëtt. Wann dann awer Gemengen do sinn, déi abordabele Wunnraum wëlle schafen, da soll de Stat dës Gemengen och schaffe loosse. Et kann dach net sinn, datt d'Gemengen am Kader vun der Refonte vum PAG Terrainen emklasséieren wëllen, fir genau dës Demande Rechnung ze droen, an da gi se vum Ëmweltministère einfach ëmgedréit!

Mir brauchen och de privaten Akteur an och hei muss de Stat hëlleften. Déi budgetär Mëttele müssen an de kommende Joren exponentiell an d'Luucht gesat ginn. Dës Regierung ass gefuerdert ze agéieren.

„Et ass dem Land nach ni esou gutt gaange wéi haut“, dat sinn d'Wierder vum Xavier Bettel. D'Wunnen ass e Recht an aus dësem Grond fuerdere mir d'Regierung op, massiv an de Wunnengsbau ze investéieren. D'Präisser souwuel beim Verkaf wéi och bei der Locatioun hu sech an de leschte Jore méi wéi verduebelt. Wann een iwwer 40 Milliounen fir de gratis ëffentlechen Transport kann ausginn, wat kee Mënsch gefrot huet, da muss dës Regierung och derfir suergen, datt méi Geld an de Wunnengsbau fléisst.

Fräi nom Motto: méi abordabele Wunnraum schafen duerch d'Erweiterung vum Perimeter;

Loyere vun 10 Euro de Meterkaree. An de Verkaf ëm 3.000 Euro de Meterkaree iwwert den Optiounskaf muss assuréiert ginn.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun hunn ech am ganzen zwou Motiounen a véier Proposition-de-loien agereecht. Léif Regierung, et ass elo un Iech!

Merci wëllt ech de Mataarbechter aus der Fraktioun soen, a besonnesch dem Marc Reiter fir seng wäertvoll Mataarbecht, deen un dës Propositionen an awer och Motiounen matgeschafft huet.

Zum Schluss Merci Iech alleguerter fir Äert Nolauschteren. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Här Lies, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Minister Kersch?

► **M. Marc Lies** (CSV).- Ganz gär.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här Schank, ech si jo elo Aarbechtsminister ...

► **Plusieurs voix.**- Här Lies!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här Lies, pardon! Ech si jo elo Aarbechtsminister ...

(Hilarité)

... an do hunn ech geléiert, dass ouni ze schafen näischt geschafe gëtt. An duerfir froen ech mech ... Wann ech och nach Ären Ufank vun der Ried ganz gutt nogelauschtert hunn, hunn ech fonnt, dass dat an der Linn war mat deem, wat Äre fréiere Fraktiounsprésident, de Claude Wiseler, hei gesot huet, dass mer misste méi lues maache mam Wuesstum, dass dat déi entscheedend Fro wär vun eisem Land.

Op där anerer Säit sot Der awer, mir sollten de Leit nolauschteren, d'Leit hätten d'Flemm mat de Schantercher, d'Leit hätten d'Flemm, dass se net méi kéinte sech bewegen, si géifen erstécken, sech praktesch wéi virum Erstéckungsdoud fillen. Et ass e bëssen esou, wéi Der Iech ausgedréckt hutt. Ech froe mech just, wéi mer déi 6.000 Wunnengen, déi Der gären hätt an déi mer alleguerter gären hätten, wéi mer déi sollen ouni Schantercher realiséieren!

An op där anerer Säit ass et jo och esou, dass, wa mer déi 6.000 Wunnenge wëlle bauen, da geet et jo net nëmmen domat duer. Mir brauchen duerfir och Schantercher vu Stroossen, mir brauche Schantercher vu Kläranlagen, mir brauche Schantercher vu Schoulen. Also ech mengen, mir müssen eis awer e bësse kohärent sinn an deem Message, dee mer wëlte ginn. An ech hat e bëssen den Androck, dass dee Message, deen Dir gi wëlt, e ganz anere war wéi deen, deen de Claude Wiseler ginn huet.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat ass net wouer!

► **M. Marc Lies** (CSV).- Ech weess net, wou dat dem Claude Wiseler soll widdersprach hunn. Ech mengen, de Kärmassage wor genau deen, datt net genuch Wunnraum do ass, datt net genuch abordabele Wunnraum do ass. An ech mengen, Dir braucht elo weder dem Claude Wiseler nach mir d'Wierder am Mond ze verdriien. Ech mengen, dat do ass definitiv net zillfrend. De Message - mat deene puer Minutten, déi ech d'Méiglechkeet hunn, hei uewen ze stoen - wor ganz kloer deen.

(Interruption)

Well wann een effektiv kuckt, wéi sech verschidde Leit dobause mat Hänn a mat Féiss müssen demerdiieren, fir effektiv nach en Daach iwwert dem Kapp ze kréien, Här Kersch, da fannen ech effektiv déi dote Fro elo e bëssen iwwerspëtzt an dee Moment awer och d'Saach dramatiséiert ...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Mä erklärt mir just, wéi mer de Wuesstum solle bremsen, wa mer d'Perimeteren opmaachen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci!

► **M. Marc Lies** (CSV).- Duerfir wär ech frou, wann effektiv dat doten ...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci den zwee Intervenanten!

► **M. Marc Lies** (CSV).- De Message ass ganz kloer deen: de Wunnengsbau.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Erkläert mir, wéi mer de Wuesstum solle bremsen an d'Perimeteren opmaachen! Dat géif ech gär wëssen!

(Brouhaha et interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Ass et de Point d'ordre?